



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 12 juillet 2021  
Réf. QP-88/21

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°4466 « Protection des animaux » du 11 juin 2021 de l'honorable  
Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous  
rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Pour la Ministre de la Justice

Claudine Konsbruck  
Conseiller de Gouvernement 1<sup>ère</sup> Classe



**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam Tanson an dem Här  
Landwirtschaftsminister Romain Schneider op d'parlamentaresch Fro n°4466 vum Här  
Deputéierte Marc Goergen**

**1. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Dignitéit vun engem Déier sech vun der Dignitéit vun engem Mënsch ënnerscheid?**

D'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 definéiert een Déier als « *een netmënschlecht Liewewiesen, dat eng Sensibilitéit an deem Sënn huet, datt et een Nervesystem huet, deen et him erméiglecht, Péng ze verspieren* ».

D'Gesetz verbitt een Déier onni Ursaach dout ze maachen oder dout maachen ze loossen, em Péng zouzeféieren, et an Angscht ze versetzen an em Schued oder Sequellen zouzefügen. Dëse Verbuet ass allerdéngs net onuntaaschtbar am Sënn, dass den Text esou Demarche nëmme verbitt am Fall wou kee Besoin dofir besteet.

Ausserdeem exzeréiert ee Mënsch aner Aktivitéite bezüglech zu Déieren aus, déi erginn, dass d'Dignitéit vun engem Déier net gläichzesetzen ass mat der Dignitéit vun engem Mënsch.

Folgend Aktivitéite fale beispillsweis do drënner:

- Den Déierentransport, dee meeschtendeels am Zesammenhang mat kommerziellen Aktivitéite steet.
- D'Schluechte vun Déieren, wou de mënschleche Konsum am Virdergrond steet.
- D'Notzung vun den Déieren am Kader vu wëssenschaftlechen Zwecker.

Et ergëtt sech aus dëse Beispiller, datt een Déier net um selwechte Niveau ewéi ee Mënsch anzestufen ass, wat seng Dignitéit ubelaangt.

Allerdéngs si schonns grouss Efforte gemaach ginn, fir d'Dignitéit vun Déier, seng Sécherheet a säi Wuelbefannen ze verbessern.

Als Beispill kann een den Artikel 18 vum Déiereschutzgesetz zitieren, dee souwuel administrativ ewéi och penal Strofe virgesäit, fir de Respekt vun der Dignitéit vun Déier ze garantieren.

Aktuell sinn och nach weider Gesetzestexter dobäi ausgeschafft ze ginn, déi zum Ziel hunn, d'Dignitéit vun Déier ze verbessern.

- 2. Sinn de Ministeren Fäll zu Lëtzebuerg bekannt, wou Déieren gezielt vu Privatleit entfouert oder geklaut goufen an et zu enger Feststellung vun enger Infraktioun an engem Opdecke vum Täter koum? Falls jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech?**

Onsen Autoritéiten ass ee Fall bekannt deen am Oktober vum Geriicht jugéiert wäert ginn.

- 3. Sinn de Ministeren Fäll aus eisem Land bekannt, wou Déieren gezielt vun organiséierte Gruppen entfouert oder geklaut goufen, fir se wieder ze verkafen, a wu et zu enger Feststellung vun enger Infraktioun an engem Opdecke vum/vun den Täter koum? Falls jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech?**

Nee.

- 4. Ass en Déier zu Lëtzebuerg elo wierklech e Liewewiese mat Gefiller oder gëtt et ëmmer nach als eng Saach betruecht, wéi dat virum Vott vum Déiereschutzgesetz de Fall war?**

D'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 definéiert een Déier effektiv als « een netmënschlecht Liewewiesen, dat eng Sensibilitéit an deem Sënn huet, datt et een Nervesystem huet, deen et him erméiglecht, Péng ze verspieren ».

Obwuel d'Strofrecht an Zivilrecht just en Ënnerscheid teschend Mënschen an Saachen maachen, ass ze bemierken dass mam Déiereschutzgesetz d'Déieren net méi als eng Saach betruecht ginn, wéi et virun de Fall war, mä als e „netmënschlecht Liewewiesen“ mat Gefiller. Mat dësem Gesetz sinn d'Wuelbefannen, d'Dignitéit an d'Sécherheet vun Déieren garantéiert.

- 5. Wéi kann d'Exekutive dofir suergen, datt de Grondsaz „en Déier ass e Liewewiese mat Gefiller“ net nëmmen um Pabeier, mee och an der Realitéit gëllt an ëmgesat gëtt?**

Seid d'Déiereschutzgesetz a Kraaft getrueden ass, gëtt en Déier tatsächlech als Liewewiese mat Gefiller betruecht. Esou huet d'Déiereschutzgesetz d'Obligatiounen vun de Persoune déi en Déier besetzen oder versuergen präziséiert an ënnerschiedlech Sanktiounen par Rapport zu der Gravititéit vun enger Dot agefouert.

D'Déiereschutzgesetz gëtt an der Praxis tatsächlech vun den Autoritéiten ugewennt (et gëtt op d'Fro Nr. 2 verweisen).

Dozou kann een nach soen dass de Landwirtschaftsministär d'Anhale vun deene betreffende Gesetzer kontrolléiert. Dëst och am Kader vun der Ëmsetzung vun der europäescher Agrarpolitik wou regelméisseg Kontrollen am Beräich vum Déiereschutz gemaach ginn.